association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2025

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsministère vum 26. November 2025

Präsenzen
MENJE: M. C. Huss, M. M. Michely
APESS: M. P. Beil, M. J.-M. Cima, M. G. Everling, M. P. Zeihen

Instructions ministérielles

Viru Joren hate mir schonns mam Minister a mam Ministère beschwat, datt d'Instructions ministérielles den Enseignanten missten zur Verfügung gestallt ginn well si jo dovunner betraff sinn. Dat ass awer bis haut net geschitt. Als Beispill hu mir d'IM vum 15.7.25 zur Organisation scolaire ernimmt, wou ënner anerem och de Compte épargne-temps (CET) an d'Decharge CONET preziséiert ginn.

Et stellt sech d'Fro ob all Informatiounen an den IMen fir d'Enseignanten relevant sinn an et wëll ee verhënneren, den Enseignant mat Saachen ze iwwerschwemmen, déi en net direkt concernéieren. Et gesäit een awer och kloer d'Wichtegkeet, datt d'relevant Informatioune bei den Enseignant kommen. An dëser spezifescher IM ass zum Thema CET eppes ëmgesat ginn, wat d'APESS zulescht am Dezember 2024 gefuerdert hat, nämlech datt de Refus wéinst Besoin de service misst limitéiert ginn. Elo muss d'Direktioun all Refus justifiéieren. De Ministère huet domadder och eng Trace.

Et gëtt driwwer nogeduecht e Vademecum fir Enseignanten ze erstellen, wou all relevant Informatiounen ze fanne sinn. Bei Froe kënne mir eis jidderzäit un de Ministère wenden. Et ass awer och esou, datt de Ministère ganz wéineg Froen zur Tâche kritt, sou datt dat spezifescht Thema net esou onkloer ze si schéint.

Valorisatioun vum Travail de candidature (TC)

Dëse Punkt gouf an der leschter Reunioun a säit ville Jore beschwat an de Ministère wollt doriwwer nodenken.

Dat misste mer mam Minister vun der Fonction publique beschwätzen. De Problem ass, datt dann de Staat all Kéier wou en eng Karriärsverbesserung aféiert misst réckwierkend all déi Agenten entschiedegen, déi virdrun agestallt goufen. An et wier eng Chance, déi mer hätten, fir bezuelte Formation continue (FC) dierfen ze maachen.

Säit 6 Joer fuerdert d'APESS eng Valorisatioun vum TC. De Ministère gesäit do weiderhi keen Handlungsbedarf. Mä déi Leit, déi den TC gemaach hunn kommen an de Genoss vun de Nodeeler vun der aler an der neier Karriär. Konkret heescht dat, datt een doduerch, datt engem seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen huet e signifikante finanzielle Verloscht huet, an dat als Belounung fir eng postuniversitär Aarbecht, déi een huet misse maachen an duerch déi een besser fir säi Beruff qualifizéiert misst sinn. En plus muss een nach all 3 Joer 48 Stonne FC maachen. Am Géigesaz zum Ministère gesi mir et net als Privileeg fir FC "dierfen" ze maachen mä als eng Erhéijung vun eisem Aarbechtspensum, déi duerch d'Änneurung vum Act72 an d'Verduebelung vun der FC entstanen ass. D'Net-Valorisatioun um TC ass eng Ongerechtegkeet, déi deene betraffene Leit um Mo läit.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Bezuelung vun den Iwwerstonnen

Mir fuerdere säit ville Joren, datt d'Iwwerstonnen endlech wéi normal Stonne bezuelt misste ginn. Dofir si mir frou, datt de Faktor 36/52 am Art. 13.3 vum RGD vum 24.7.07[1] am RGD vum 24.7.25[2] gestrach gouf. Allerdéngs si mir nach ëmmer der Meenung, datt Iwwerstonnen och misste pensionabel sinn.

Och do misste mer mam Minister vun der Fonction publique schwätzen. Eigentlech misst een d'Iwwerstonnen an d'Kategorien systeemesch an déi aner andeelen. Zur Zäit ginn all Iwwerstonnen als systeemesch betruecht. De Problem ass, datt een d'Iwwerstonnen net lokaliséiert kritt.

Trotz der Verbesserung bleift et fir de Patron Staat nach ëmmer wesentlech méi gënschteg sou vill wéi méiglech op Iwwerstonnen ze setzen aplaz nei Agenten anzestellen, well en op den Iwwerstonnen weder Pensiounskeess nach Vakanze bezilt.

Rekrutement A1 an A2

Wéi vill Enseignanten ginn am A1 a wéi vill am A2 agestallt?

Dat kann een um Site vum Ministère[3] nokucken. Am Secondaire gi net vill A2 agestallt ausser do wou et keen A1 gëtt. An der Informatik sinn dëst Joer 20 Leit am Concours, dovunner 4 A2 a 16 A1. Et ass schwiereg fir genuch Ingenieuren fir den Enseignement ze fannen, well der vill nom Studium am Ausland bleiwen respektiv an aner Beräicher schaffe ginn.

Dat heescht jo awer, datt eis Karriär trotz Pai a Vakanzen net attraktiv genuch ass.

CET

Mir hu gefrot, ob et hei Ännerunge gëtt.

Prozedural jo, den Act72 gëtt ëmmer ugerechent, ausser bei enger voller Tâche, well een do jo guer net an d'Schoul kënnt. Wann een 22 Stonnen gespuert huet gëtt d'Formation continue ausgesat.

Beim CET gesi mir de Problem, dass ee bei enger „Année sabbatique" den ACT72 net kritt fir d'Tâche vun deem Joer opzefëllen. Dat ass net richteg, well ee jo fir déi Stonne geschafft huet a mir gesinn et esou, datt eng voll Tâche aus 21 Leçons besteet + 1 Leçon ACT72 wat dann eng Tâche vun 22 Leçons mécht. Dofir si mir der Meenung, datt een och nëmmen 21 (x36) Leçonen spuere muss fir sech 1 Joer fräi ze huelen. D'Decharges d´ancienneté mussen och mat agerechent gi, wann een der zegutt huet. Déi mussen da natierlech och net ugespuert ginn.
An dann kënnt nach dobäi, datt wann een den Act72 1 Joer an enger „Periode de référence" net kritt, dass dann d´Iwwerstonnen net bezuelt ginn wann d´Periode net verlängert gëtt.

[1] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2007/07/24/n1/jo
[2] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2025/07/24/a348/jo
[3] https://govjobs.public.lu/fr/postuler/postes-ouverts/postes-vacants.html?q=nationale+Enfance+Jeunesse&r=f%2Faem_job_study_level%2Fprojects_tags%3Agovjobs%5Cstudylevel%5Cbachelor&

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Formation continue zur Tâche

D'Formatioun, déi mir am Fréijoer 2023 organiséiert haten an déi vum Ministère iwwer den IFEN gehale gouf, war e grousse Succès a mir krute nëmme positive Feedback. Eng Rei Leit hunn de Wonsch geäussert déi Formatioun reegelméisseg ugebueden ze kréien a mir mengen et wier besonnesch sënnvoll fir eis nei Kolleegen, déi all Joer de Stage ufänken.

De Ministère gesäit dat och esou a kuckt fir dat ze realiséieren.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426